N°985
Entrée le 10.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2024
Chambre des Députés

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 120 iwwert d'Vitessreduktioun op der A1 op der Héicht vun Nidderaanwen huet d'Madamm Verkéiersminister geäntwert, datt dës Situatioun op en Tëschefall un der Deenungsfou um Viaduc Mënsbech zeréckzeféieren ass. Zu deem Zäitpunkt huet et sech ëm eng Vitesslimitt vu 70 Stonnekilometer gehandelt, déi sech op de Beräich vum Viaduc bezunn huet. Mëttlerweil fält op, datt d'Vitesslimitt a béide Richtunge scho wäit virum Viaduc ufänkt an se bedréit just nach 50 Stonnekilometer.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1) Sinn déi aktuell Vitesslimitten op en erhéichte Sécherheetsrisiko nom Tëschefall un där genannter Deenungsfou zeréckzeféieren, deen trotz de provisoreschen Aarbechten net ausbliwwen ass? Falls jo, ass nach virun der Phase vun den eigentleche Reparaturaarbechte mat enger Vollspärrung aus Sécherheetsgrënn ze rechnen? Falls net, wéi eng aner Ëmstänn hunn zu dësen Upassunge gefouert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°985
Entrée le 06.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 985 vum 10. Juli 2024 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

*Fro 1: Sinn déi aktuell Vitesslimitten op en erhéichte Sécherheetsrisiko nom Tëschefall un där genannter Deenungsfou zeréckzeféiren, deen trotz de provisoreschen Aarbeschten net ausbliwwen ass ? Falls jo, ass nach firun der Phase vun den eigentleche Reparaturaarbechte mat enger Vollspärrung aus Sécherheetsgrënn ze rechnen? Falls net, wéi eng aner Ëmstänn hunn zu dësen Upassunge gefouert?*

Opgrond vun den aktuelle Vitesslimitatioune kennen zousätzlech Degradatioune vun den Deenungsfouen um Viaduc Mënsbech reduzéiert ginn. Et besteet dofir awer keen erhéichte Sécherheetsrisiko.

Des Moossnam ass opgrond vu weideren Degradatiounen op anere Plaze vun den Deenungsfouen ergraff ginn.

Um Enn vun der Summervakanz 2024 sinn awer iwwerall provisoresch Deenungsfouen agebaut an déi maximal erlaabte Geschwindegkeet kann erëm op 70 Kilometer an der Stonn a béid Richtunge gesat ginn.

Et wäert deemno och net zu enger Spärung vun der Autobunn A1 kommen.

Lëtzebuerg, den 6. August 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes